ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

n° 3232

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01. Dezember 2020

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Et geet ëm d'Maskeflicht an de Schoulen a Betreiungsstrukturen. Hei hunn rezent eng Rei Orthophonisten an aner Spezialisten festgestallt, datt d'Maskeflicht vum Personal negativ Auswierkungen op d'Kanner kann hunn. Dat an deem Sënn datt d'Kanner net méi dat ganzt Gesiicht vun de Bezuchspersoune gesinn. Doduercher kënne gewësse Problemer optrieden, virun allem beim Léiere vun der Sprooch. An der Haaptsaach betrëfft dat kléng Kanner an de Crèchen, déi am gaange si schwätzen ze léieren. Betraff sinn awer och Kanner mat Dyslexien oder Kanner déi Friemsprooche léieren. Et ass deemno wichteg datt sou e Kand d'Lëpsen an de Mond vum Enseignant oder Educateur ka gesinn.

Dowéinst wéilt ech folgend Froen un d'Regierung stellen.

1. Ass sech d'Regierung dëser Problematik bewosst?
2. Am Fall wou d'Maskeflicht nach méi laang gëllt si Mesure virgesi fir dësem Problem entgéint ze wierken?
3. Wär et méiglech fir dat betraffent Personal vun der Maskeflicht ze befreie wann si am Déngscht sinn?
4. Wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung fir Defiziter vun de betraffene Kanner opzefänken?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3232 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1) an 2)**

Duerch de Mask ass et esou, datt de Mond verdeckt ass an d'Kanner d'Stëmm vum Erzéier oder Enseignant net ganz esou däitlech héieren wéi ouni e Mask.

Aus dësem Grond besteet am non-formale Bildungsberäich vun de klenge Kanner (Crèchen) keng Maskeflicht fir d'Personal am Ëmgang mat de Kanner. Mat de steigenden Infektiounszuelen ass allerdéngs eng Consigne erausgaangen, laut där de Mask fir d'Personal an der Crèche "fortement recommandé" ass. Et gëtt gläichzäiteg drop higewisen, datt de Gestionnaire soll op transparent Masken zeréckgräifen, besonnesch fir de Kanner ze erméiglechen, d'Mimik vum Personal zu all Moment ze erliewen.

**Ad 3)**

Schüler mat Beanträchtegunge sinn heefeg vun der Maskeflicht entbonnen opgrond vu Certificate vun hirem jeeweilegen Dokter.

**Ad 4)**

Kompenséiert gëtt mat Hëllef vu Visièren a Plexiglasoftrennungen. Awer och transparent Maske kommen an den Asaz. Am Alldag wiesselt dat spezialiséiert Personal tëschent normaler Mask, "duerchsiichteger" Mask an Op-Distanz-goen-ouni-Mask of. Den Asaz vun audiovisuelle Medien (Video, Fotoen, Biller oder Tounbeispiller) oder och online Coursen erlaben et, ouni Mask mam Kand ze schaffen. Kompenséiert gëtt awer och duerch non-verbal Matdeelungen, wéi d'Kierpersprooch oder Beréierungen.